



Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet, a vun der Madamm Sam TANSON, Minister fir Justiz, op d'parlamentaresch Fro n° 5635 vum 31. Januar 2022 vum honorabelen Députéierten Marc GOERGEN

Ad 1 an 4 : Wéi gësinn d'Ministeren esou d'taktesch Übungen, déi zu Lëtzebuerg ugebuede ginn ? Wat ass d'Base legale fir dës Trainingen ? Wéi stinn d'Ministeren dozou, dass esou Firmen Servicer ubidden, déi zu Lëtzebuerg net erlaabt sinn, a fir déi si hir Clienten aus Lëtzebuerg dann op Plazen an d'Ausland dirigéieren ?

Eisen Informatiounen no si bis elo iwwert d'Kommodosgesetz just Schéissstänn ugefrot an geneemegt ginn, wou den Tireur stationär ass. Der Regierung ass net bekannt dass taktesch Übung zu Lëtzebuerg ugebuede ginn. Wéi och aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 5639 vun den honorabelen Députéierten Claude LAMBERTY a Max HAHN ervir geet, ass ze bemierken dat d'Kommodosgeneemegung technesch an organisatoresch Konditiounen festleet wat d'Sécherheet während der Exploitatioun ugeet. An de Geneemegungen gëtt net festgeluecht wien un esou Coursen dierf deelhuefen a wéi eng Konditiounen mussen erfüllt sinn. Wann déi taktesch Übungen am Ausland ugebuede ginn a konform zu de jeeweiligen auslännesche Legislatiounen sinn, dann ass et deemno och net verbueden sech dohin ze déplacéieren.

Ad 2 an 3 : Wéi gëtt séchergestallt, dass déi Professionell, wann se dann op esou Stänn ginn, just Praktike léieren, déi laut Gesetz och erlaabt sinn ? Wëssen d'Ministere vu Beamten an Zaldoten, déi dës Schéissstänn notzen ?

D'Direktioun vun der Police huet hire Memberen dovun ofgeroden un esou Aktivitéiten deelzehuelen. Allerdéngs ass d'Regierung net um Courant iwwert d'privat Aktivitéit vun hire Beamten. Wann allgemeng, e Behuelen vun engem Client um Schéissstand géif géint d'Strofgesetz verstoussen, da misst dat och poursuivéiert ginn. Vu dass et der ITM net bekannt ass dass et zu Lëtzebuerg Schéissstänn gi wou taktesch Übung fir Zivilisten ugebuede ginn, ass an deem Kontext keng Kontroll duerchgefouert ginn.

Ad 5 : Mam Gesetz vum 20te Januar 2022 goufe verschidden Ännerungen virgeholl, wat den Emgang mat Waffen ugeet. Ab wéi engem Alter dierfe Persounen op engem Schéissstand, wéi deem am Zeitungsartikel ernimmt, trainéieren ?

Den Alter ab deem eng Persoun dierf op engem Schéissstand "trainéieren", dat heescht mat enger Net-Feierwaff oder mat enger Feierwaff dierf schéisse goen, hänkt net vum Schéissstand of, mee vum Alter ab deem déi Persoun déi virgenannte Waffen dierf benotze fir domat ze schéissen. Persounen déi Titulaire sinn vun engem Waffeschäin (autorisation de port d'armes) kënnen grondsätzlech op ee Schéissstand goe fir do ze schéissen. Op d'Fro wien zu Lëtzebuerg op e Schéissstand schéisse goen dierf, do gëtt op

d'Äntwert op d'Fro 2 op déi parlamentaresch Fro n° 5639 vun den honorablen Deputéierten Claude LAMBERTY a Max HAHN verweisen.

Lëtzebuerg, den 01. Mäerz 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX